N° 6415
Entrée le 25.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6415 vum 28. Juni 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Fir d'Opstelle vun de Statistiken iwwer d'Stroossenaccidenter benotzt Lëtzebuerg d'Definitiounen, déi an den EU-Länner üblech sinn. Als « schwéier blesséiert » gelt deemno eng Persoun, déi no engem Accident 24 Stonnen hospitaliséiert ass, respektiv déi dëser Definitioun vum STATEC entsprécht :

« Sont considérées comme gravement blessées les victimes qui souffrent d'une fracture quelconque, d'une commotion, de lésions internes, de coupures et déchirures, de contusions ou d'autres lésions entraînant une hospitalisation dont la durée égale ou dépasse un jour ».

A folgendem Tableau ass déi jeeweileg Unzuel vun Doudegen, schwéier Blesséierten an ugemellte Gefierer vun de Joren 2000 – 2020 ugewisen. Eng regelméisseg Statistik vun der Unzuel vun den Autoen déi dagdeeglech op der Strooss si gëtt an dësem Sënn net erhuewen.

	2000	***2001***	***2002***	***2003***	***2004***	***2005***	***2006***	***2007***	***2008***	***2009***
Tués	76	70	62	53	50	47	43	45	35	48
Blessés graves	400	352	351	331	297	307	319	286	290	288
Véhicules immatriculés	318914	331294	340944	352207	360749	368659	378304	387871	397453	407791

	2010	***2011***	***2012***	***2013***	***2014***	***2015***	***2016***	***2017***	***2018***	***2019***	***2020***
Tués	32	33	34	45	35	36	32	25	36	22	26
Blessés graves	266	317	339	316	245	319	249	256	273	248	217
Véhicules immatriculés	411443	419154	430097	442187	431245	443250	453837	466472	482001	496326	509975

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënne vu jiddwerengem zu all Moment um Site vum STATEC opgeruff ginn (https://statistiques.public.lu/fr.html).

Betreffend der Unzuel un Autoen (approximativ), déi dagdeeglech duerchschnëttlech op eise Stroossen ënnerwee waren, leie mir keng Zuelen oder Schätzunge fir, déi op déi gewënschte Statistik schléisse kéinte loossen.

Lëtzebuerg, den 25. Juli 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch